# Communiqué

27.03.2025

# Télévie Challenge 2025

**RTL Group setzt sech weider fir d'Fuerschung géint de Kriibs an d'Leukemie bei de Kanner an.**

E Freiden, den 28. Mäerz 2025, organiséiert RTL Group **déi 19. Editioun vum Télévie Challenge**, ee karitativen Event, deen zënter senger éischter Editioun am Joer 2005 schonn **iwwer eng Millioun Euro** gesammelt huet. Dësen Event huet 2020 an 2021 wéinst der Pandemie musse pausen, mee RTL Group konnt trotzdeem **55.000 €** un d'Fuerschung spenden.



Foto vum 18. Télévie Challenge an der RTL City den 22.3.2024

**RTL Luxembourg**
**CLT-UFA S.A.**
43, Bd Pierre Frieden
L-1543 Luxembourg
+352 24 86 1

**E sportlecht a solidarescht Engagement**

**450 Minutten ouni Ënnerbriechung gëtt gespinnt! 23 Ekippen a ronn 300 Participante** wäerte sech op de Vëloen an der RTL City ofwiesselen, fir sou vill Kilometer wéi méiglech ze fueren an esou Spenden ze sammelen. All Kilometer, deen d'Partner-Entreprisen zerécklееën, gëtt an eng Spend verwandelt: **G-art, DHL Lëtzebuerg, Travel Pro a Post Lëtzebuerg spende 5 € pro Kilometer.**

Gläichzäiteg ginn Télévie-Produite fir de gudden Zweck zum Verkaf ugebueden, fir de Public z'encouragéieren, och säi Bäitrag ze leeschten.

**En Event mat wichtege Perséinlechkeeten**

Vill Politiker a bekannte Sportler wäerten un dëser Erausfuerderung deelhuelen:

**Politiker, déi matmaachen:**

- **Claude Wiseler** (Chamberpresident)
- **Mars Di Bartolomeo** (Vizepresident vun der Chamber)
- **Léon Gloden** (Inneminister)
- **Max Hahn** (Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil)
- **Martine Deprez** (Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet)
- **Martine Hansen** (Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, Ministesch fir Konsumentenschutz)
- **Georges Mischo** (Sportsminister an Aarbechtsminister)
- **Carole Hartmann** (Deputéiert an der Chamber)
- **Ben Polidori** (Deputéierten an der Chamber)
- **Sam Tanson** (Deputéiert an der Chamber)
- **Mandy Minella** (Deputéiert an der Chamber)

**Sportler, déi matmaachen:**

- **Laurent Reichling** (Cyclist)
- **Lex Reichling** (Cyclist)
- **Vera Hoffmann** (Liichtathletin)
- **Patrizia Van der Weken** (Liichtathletin)
- **Julien Henx** (Schwëmmer)
- **Laurent Carnol** (Schwëmmer)
- **Laurent Didier** (Cyclist)

**En Highlight: De VIP Bike**

Vun **19.00 bis 19.30 Auer** wäerten e puer **VIP-Gäscht** um **VIP Bike** matfueren, dorënner den Elmar Heggen (COO a stellvertriedende CEO vum RTL Group), **Christophe Goossens** (CEO RTL Lëtzebuerg), **Luc Marteling** (Direkter vun der Informatioun bei RTL Lëtzebuerg), **Georges Mischo** (Sportsminister an Aarbechtsminister), **Laura Thorn** (Gewënnerin vum LSC 2025) an **Diane Wunsch** (Coordinatrice vum Télévie). Dëse **besonnesche Moment** gëtt live an der Sendung **Live! Planet People** vun **19.00 bis 19.30 Auer** iwwerdroen.

**De Programm**

- **11:45 –** Virbereedung vun den Ekippen
- **11:55 –** Opwierme mam DJ Marc
- **12:00 –** Offizielle Start
- **19:00 –** Déi lescht Ekippe live op RTL Télé Lëtzebuerg
- **19:30 –** Enn vun der Challenge an Auszielung vun de Kilometer
- **20:00 –** Ukënnegung vum Resultat a Scheckiwwerreechung
- **20:15 –** Pasta Party

**Eng laangjäreg Ënnerstëtzung fir den Télévie**

D'Zil vum **Télévie** ass et, d'Fuerschung géint de Kriibs, besonnesch d'Leukemie bei Kanner, ze fërderen. Dofir gouf den Télévie 1989 an der **Belsch** vum **Fonds National de la Recherche Scientifique** an d'Liewe geruff. **2002** huet sech och **Lëtzebuerg** dëser grousser Aktioun ugeschloss, an zënterhier engagéiere sech **all Joer Dausende vu Leit** fir den Télévie. Fir weider Informatiounen: **http://televie.rtl.lu/** oder **http://www.rtl.be/televie/**